N° 5217
Reçue le 08.12.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5217 vum 12. November 2021 vun dem honorabelen Deputéierte Fred KEUP iwwert d'Pressecommuniquéen vun der Regierung.

Wéi den Numm et scho seet, riichte sech Pressecommuniquéen an éischter Linn un d'Press. D'Press ass doropshi fräi, d'Informatioun dann an der (oder deene) Sprooch(en), déi hirem Publikum am Beschte läit (leien), ze publizéieren, oder net. De Choix vun der Sprooch, grad sou wéi natierlech de redaktionnelle Choix, wéi en Inhalt d'Press op wéi eng Aart a Weis wëllt opgräifen a verschaffen, ass e fräie Choix vun der Press. Aus Transparenzgrënn ginn d'Pressecommuniquéen och um Site vun der Regierung publizéiert.

D'Ministère leeë fest, an wéi enger Sprooch si sech un d'Press riichten, deemno wéi eng Sprooch am Beschte verständlech ass. Dat hänkt ganz kloer vum Sujet a vum Zilpublikum of. Et ginn dofir duerchaus och Communiquéen op Lëtzebuergesch verfaasst.

D'Méisproochegkeet ass deemno e formidabelen Atout fir eng zilorientéiert Regierungskommunikatioun, déi der Sproochesituatioun am Land vollstens Rechnung dréit.

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2021

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL